

## E g e s t e ' e r t e n C a f f i s k r ä n z c h e n

Kome'de'stek an 1 Akt vum Mätty Dahm. Musek vum Pol Albrecht.

## P è r s o ' n e n :

Bratzelstacks Kätt, èng Madame.

Elise, hir Mod.

Sauerampesch Mörri, ) Fröndine vum Kätt.  
Pe'terse'legs Liss, )

Wöllen Triny, e Letzeburger Jongmédchen.

D'stek dre't sech zo' an ènger klènger Städt. d'Zeit: Momèntan.

All bräwe letzeburgesch Dengschtmédercher fröndlechs zo'erkannt.

D'scén stèllt e miwele'ert Zömmer duer mat 2 Seiten= an ènger Mötteldir.

## 1. Opret. Kätt.

Kätt: (Ass èng ho'frech Mädemchen vu 45 Joer, de' gèr iwert aner Leit a-  
wèch kuckt a me' Wand we' Dampf huet. ass chic geklèt a ként vu riéchs)  
Ass dat do erlâbt! Elo ass et scho 4 Juer an eis Mod ass nach net aus  
der Vèsper erem. Wo' ech de'er Träntelesch nach ausdreklech gesot hun,  
sie misst sech tommlen, wèll ech zwo' Fröndinen op de Caffi invite'ert  
hätt. 'T kann è sech haut net me' op èng Mod verlossen. Sie si blo'ss  
drop aus, hiren deke Lo'n an d'Täsch ze stiéchen, gudd z'iéssen a we'-  
neg ze schaffen. (Sengt)

## L i d d N r. 1

## 1. Strof

'T ass jo kèngem Mönch ze soen,  
'T kann net me' so' viru goen!  
Mat de'er Plo, dém Iweldrun,  
Mat déne Méd, de' mir haut hun.  
Wat sin dat dach liddrech Döppen!  
Wat de' eis beduppsen, ströppen.  
Eis beste'len a bedre'len,  
Eis beschummlen a bele'en!  
Ge'wen eis gèr kommede'ren,  
'T ass fir d'Ausziéring ze kre'en!

## Refrain:

Wat muss è sech iérgre, jeitzen,  
Göft a Gál ként èn dacks speitzen.  
'T ass fir sech de'tkrank ze mâchen,  
Nèn, et brauch èn net ze lâchen!  
Wann èn huet a sengem Stot,  
So' èng trântlech, liddrech Mod!

## 2. Strof

'T ass jo net me' pèrmete'ert,  
We' de' Zort sech haut opfe'ert.  
Wat de' sech dach en Toupi gin,  
A we' so' frèch se mat eis sin.  
Fir sech sche'n ze klêden, botzen,  
An der Hèrrschaft opzetrotzen!  
Sech ze spiglen no all Seiten,  
Gèr gudd iéssen zu all Zeiten.  
All Geschirr am Haus sie briéchen,  
Deke Lo'n an d'Täsch ze stiéchen.

## Refrain:

Duerfir sie sech net gene'ren,  
Wèll de' Zort huet kèng Mane'ren.

Nè, sie schumme sech kèng Grimmel,  
d' Hèrschaft de' verdingt den Himmel,  
De' sech plot an hirem Stet,  
Iat der lidderecher Mod!

2. Optrett. Kätt an Elise.

- Elise: (Ass e bràvt Dengschtmédchen vum Land vum 21 Joer. Dre't Sonndes-  
gezei mat èngem bloe Kicheshirtog a kätt durch d'Mötteldir eran.) Ma-  
dame, 't ass kèn Zocker a Caffi me' - -
- Kätt: Mä so emol, Elise! Wat erläbs du dir vis a vis vun denger Madame?
- Elise: Wat soll ech mir dann erläben, Madame?
- Kätt: De' aner Leit si schon èng E'wegkët aus der Vèsper an du kéns net  
erbei. Wëss du dach, datt mir de Mötteg d'Hänn voller Arbecht hun. Bei  
dir dauert d'Vèsper ömmer me' lãng we' d'Ho'mass. (Sötzt sech.)
- Elise: d'Letzeburger Jongmédcher haten no der Vèsper nach èng Versamm-  
long, Madame. Daerfir go'w et ewe'neg me' spe't we' soss.
- Kätt: E Médchen dat sech seng Kuscht muss bei friéme Leit verdengen, soll  
aus all Sociéte't erausbleiben a seng Arbecht mâchen.
- Elise: Ech verstin net, firwat d'Madame sech eso' iérgert. Wann è we'ech  
6 Dég an der Woch seng Arbecht gewössenhaft mecht, soll èn dé siéwen-  
ten Dag raschten a senger katho'lescher Sonndesflecht nokommen, we' de  
Kattchessmeis dat eso' scho' le'ert. (Sötzt sech.)
- Kätt: Du an dei Kattchessme! Doan stin clauter Séchercher, gudd fir de'  
klèng Kanner an de' âl Giédelen. Mir modern Mönchen hätte wuel ze din  
wa mir de' Séchercher ge'we fir boer Mönz huelen. Da ke'me mir weit.
- Elise: 'T ass grad emgeke'ert, Madame! All de' Leit de' sech iwert de Katt-  
chessme ewèch sätzen, mâchen hirer Se'l e schlecht Bètt.
- Kätt: Mir hãle kèng Mod, fir all Dag dé ro't am Kallèner gezèchend ass,  
vu muerges bis owes an der Kirch ze leien. Ech hun neischt derge'nt,  
wanns du Sonndessmuerges an d'Fre'mass gës. Mä dat an d'Vèsper we' an  
d'Andacht lâfen, he'ert op. Grad we's du dech muss aus dém Jongméd-  
chersclub streiche lossen.
- Elise: d'Madame wèrd mir dach net wele verbidden, Sonndes der Vèsper an  
der Andacht beizewunnen, we' meng Eltren mech dat gele'ert hun.
- Kätt: Dat war gudd, we's du nach dohém an dém Baurennascht wars, wo' de  
Paschto'er gewint ass, d'e'scht Gci ze spillen an d'Leit müssen danzen  
we' hié peift. Bei eis an der Stãdt ze'en de' Konschten net.
- Elise: (-ifreg). Ech lossen neischt ge'nt eise Paschto'er soen, Madame. Ass  
hién dach en Hèr, dén d'Glek an d'Wuel vu senge Parkanner am A huet.
- Kätt: (Schirtzt de Mond.) 'T fällt mir als Madame net an, mat mengem  
Dengschtmédchen en Diskur iwert d'Paschto'er ze fe'ren.
- Elise: Ech wëss, datt d'Madame an den Hèr kãl Chreschte sin de' der Kirch  
net dek doen. Mä 't stët mech als Dengschtmédchen net un, menger Hèrr-  
schaft Raproschen doriwer ze mân. Grad eso' gudd we' d'Madame kèng Ur-  
sãch huet, mir e Virwurf ze mâchen, datt ech lo Minute me' spe't aus  
der Vèsper ko'm. Meng Arbecht got dodurcher net vernoche'ssegt. Geseit  
dach d'Madame, datt ech a Schaffschirtog sin an de Gãss schon ugefãng-  
en hun, fir de Caffi ze kachen.
- Kätt: Du wãrs de Gãss dach net schon ugefãngen hun?
- Elise: Dir hut dach gesot, mir kriten zwo' Dammen zu Besuch an ech misst-
- Kätt: (Unerbrecht). Gewöss muss du kache Wãsser hun fir Caffi ze mân. Dat  
huet owër nach gudd Zeit wann d'Dammen hei sin. Firwat dann d'Wãsser  
èng Stonn kache lossen an dén deire Gãss verbrènnen? Wat leit dir drun  
wa mir Gãssrèchnonge kre'en, datt d'Len èngem tre'nen.
- Elise: Da mâche mir de Gãss erem aus. Iat ech nach wel soen, Madame! Mir  
hu kè Caffi me' am Haus.

Kätt: Nu hâl dech ower un! Mir hun doch ere'scht en halleft Pond kâft.

Elise: Virun zwo' Wochen, Madame.

Kätt: Ech kann net verstoen, was du mat dém selege Caffi mechs. Mir sin nômmen zu drei am Stot an du kéns kèng 14 Dég mat èngem hallwen Pond Caffi. (Ass opgestân a gèt oppgerégt hin an hér.)

Elise: (Stât op) Bei Iâch wêss èn net we' èn et soll mâchen. Spueren ech de Caffi, mecht den Hâr mir Zortessen, wo'gend dém Schlutcheswâsser, dat hié muss drénken. Mâchen ech de Caffi me' stârk, vernômmt d'Madame mech, ech de't alles drop mân.

Kätt: (Pleiwit stoen a beisst duer.) Fe'n net eso' vill! Du hues dach secher soho gescht gewosst, datt et net mam Caffi duergeng. Firwat sés du mir dat ere'scht haut, wo' d'Buteker all zo' sin? Firwat bass du da gescht kè Caffi siche gâng?

Elise: Ech hun der Madame dach scho gescht gesot, datt ech an de Butek war, datt den Epicier mir kè Caffi gin huet; wêll hién der Madame net me' pufft, bis Sie de' âl Schold bezuelt huet.

Kätt: (Wifreg) A wat bild eso' en ârme e'legen Krémcheshändler sech nômmen an! Vun haut un betrôtts du dém frêche Bekerlekshändler d'Dir net me' a gès eis Wueren an en aner Butek kâfen.

Elise: Ech hun der Madame dach scho gesot, datt mir an dénen âner Epiceriengeschâfter och net me' gepufft kre'en.

Kätt: Dat gèt mech alles neischt un. Du mechs we' ech gesot an domat fêrdeg! Elo lâfen ech hurtég bei Streisselkuchs an d'Pâtisserie, datt se dé bestalltnen garne'erte Kuch mat der Glace zurzeit heihi brengen. Du kanns an de'or Zeit den Dösch dècken, datt alles o.ké ass, wa meng Fröndine kommen.

Elise: Vergiêsst net en halleft Pond Caffi matzebringen, Madame!

Kätt: 'T get besuergt. Du pass mir beim Döschdècken ewe'neg op Jâcks hire Caffis-Sêrvice op, dén s'eis gele'nt hun. 'T ass du kèng Tâss oder en Tèller brechs! An hêrno beim Sêrve'ren mechs du, dass de mech net blame'ers, we' et deng Gewunnecht jo ass, wa mir friém Leit hun.

Elise: d'Madame Bauerampesch Mèrri an d'Fe'terse'legs Liss sin dach eis Wopeschen an net friém fir mech, Madame.

Kätt: alles wat net zu eisem Stot gehc'ert, ass friém fir dech an du solls beim Gespriéch net eso' flappech mat der Hausdir eragetrollt kommen. 'T muss èn nie soen wat èn dènkt. Wanns du par Exèmpel de Caffi sêrve'ers, scheds du eis nômmen èng Tiéschen voll eraus an hels de Caffiskro' erem mat an d'Kichen. An d'Zockerdöppchen kommen 3 Stoker Zocker. Fir all Pêrso'n ènt. Dat gèt duer. Mam Kuch mechs du d'sèllwecht. Hues du verstân?

Elise: Wann de' Dammen ower nach gèr èng Tâss Caffi oder e Stek Kuch begiéren.

Kätt: mechs du grad we' wanns de neischt he'ron hâss. A sollt de Môtteg èn èng Facture präsante're kommen, sés du einfach ech wir net hei a se sollen nom e'schten retour kommen. Eso' verhält et sech och fir mâr, wann d'Männer vum Gâss am Wlêktresche passe'ren. Och sie könne wârden, bis mei Mann seng dek Gratifikatio'n mam Gehalt an der Tâsch huet.

Elise: Kre'en ech meng drei Me'nt Lo'n dann och, de' ech nach zegudd hun?

Ech hâtt ne'dog meng Schong ersiêlen ze lossen an e Schirteg ze kâfen.

Kätt: Du kanns deng Schon ower ersiêle lossen an zum Scho'schter soen, c soll et opschréiwen.

Elise: Dat mâchen ech net, Madame; wêll meng Eltren hu mir et strèng verbueden, me' ze kâfen we' ech dâld hun.

Kätt: A lafen ech elo a Streisselkuchs.

Elise: An ech gin de Gâss ofstèllen. (Durch d'Wôtt of.)

3. Optrett. Kätt an Triny.

Triny: (Ass en Ärdegt Letzeburger Jongmédchen vun 21 Joer. Ként am sonndesse Gezei vu lénks.) Bonjour Madame Bratzelstack!

Kätt: Bonjour Triny!

Triny: Verzeit wann ech dirange'ren, Madame, an der Zeit ewe'neg an Usprôch huelen!

Kätt: Ech biiden, dech Triny! Huel dir Plätz! Wat wat kann ech dengen?

Triny: Merci Madame. (Sie sötzen sech) 'E' Dir an der Zeitung geliéssst an am Radio he'ren hut, ass haut den Dag vum Letzeburger Ro'de Kreiz. Mir Letzeburger Jongmédercher go'we vun eisem Hèr Burgerméschter scharge'ert, mat Löschten an den Heiser virzespriéchen, wo' op d'Leit können hirem Verme'gen a Guddènken no, èng Zomm Gèld zèchnen. Ech sin eso' frei, léch so' èng Löscht ze präsent'e'ren. Wann ech gelifft, Madame: (Lét d'Löscht op den Dösch.)

Kätt: Vun Hèrze gèr zèchnen ech èppes op deng Löscht. Mä du hues bèsser en Dönschteg erem ze kommen! Ech hun haut schlècht Zeit mech mat eso' Sächèn ofzegin. War ech dach um Spronk fort ze goen, we's du ko'ms.

Triny: 'T ass Amen a Jo geschidd, Madame. Dir braucht mir d'Zomm nömmen ze soen, de' Dir welt gin, èren Numm hér ze mâchen an d'Säch ass o.ké.

Kätt: Elo. -hels du dat Gèld gleich mat, Triny?

Triny: Gewöss Madame Bratzelstack. Musse mir d'Gèld dach d'Nowend nach un de Burgerméschter ofliwren, dén et mar an d'Zentrâl schekt.

Kätt: Dat dôt mir ower schwœ'er lêd, mei Kand. Hätt ech dach eso' gèr e puer Honnert Frang gezêchend. Mä ech hun de Momènt eso' schlècht Zeit. Ech kre'e Besuch a muss nach e puer wichtiger Kommissio'ne mân. (De'er no lénks of.)

4: Optrétt. Triny an Elis.

Elise: (Ass iwerdém mam Caffisgeschirr erakom a fänkt un den Dösch ze dècken.)

Triny: (Ass paff.) Ass dat do nach dran! d'Madame Bratzelstack gêt hirer Wé a le'sst mech einfach hei sötzen.

Elise: (Lâcht) Bei 28 Grâd Schiéd an eiser Kés, hues du dir haut kè guddo Momènt erausgesicht, menger Madame hir Bourse an Usprôch ze huelen.

Triny: Wat wels du domat soen, Elise?

Elise: Dat ass eisem Hèr sein Ausdrock, datt mir haut den 28. vum Mo'nt hun an et nach zwe'n Dég zo'gêt, irt mir frösch Gèld an t'Haus kre'en.

Triny: Ech hu schon allerhand am Duerf he're mirmen, we' wann deng Hèrrschaft Leit wiren, de' aus der Hand an den Zant de'te liéwen.

Elise: (Huet den Dösch gedèckt a sötzt sech bei d'Triny.) Ja mei Kand, et muss èn d'Leit huele we' se sin.

Triny: Wo' kann denger Hèrrschaft hir Bourse ömmer un der Ausziéring leiden, bei dém deke Gehalt wat den Hèr all Mo'nt behidd.

Elise: Mat Villem hält èn Haus, mat We'negem ként èn aus! Meng Madame ass net bèsser a schlèchter we' munch aner Frâen och. Am Ufank vum Mo'nt get am Floribus geliéft o'ni u Mâr ze dènken. Ként dann den hallwe Mo'nt erbei, ass Schmuelhâns Kicheméschter.

Triny: Wat sét dann den Hèr zu der Madame hirem Muttwöll?

Elise: Den Hèr ass we' d'Madamé an d'Madame ass we' den Hèr, Triny. Als deke Beamten ass den Hèr gewint, seng puer apéritiven vrum Iéssen ze drénken. Hié muss Owend fir Owend seng puer Pâttercher Wein drénken, soss huet hién nuets kè Schlof. Zwèmol owes an der Woch gèt hié seng Parti Kèle spillen a Sonndeg fir Sonndeg seng Parti Kârt mâchen. A wèll meng Hèrrschaft sech zu de bèsse Leit ziélt, müssen sie och démno geklêt sin. d'Joffer vum Haus muss natierlech och an e gro'ssârtegt Pènsionât rêsen an d'Schweiz rêsen, fir le'ren Piano ze spillen, ze môlen an eso' virun. Dat alles zesumme geholl, kascht natierlech èng Onmess Gèld an 't brauch è sech net zewonaren, wa meng Hèrrschaft net mat de

Köppen am Stot zesumme ként.

Triny: wann òn deng Madame an d'Joffer geseit an de Pälzemäntel iwert eis Strössen geseit stolze'ren, ge'w' òn net mängen - -

Elise. - datt der Madame hire lichte Wärtermantel an Hutt nach bei der Ne'desch an der Modistin ze bezuele sin. Datt sie mir de Lo'n nach vun drei Me'nt schöllech ass an ech mengge gudden Eltren kè Gàld ka scheken dat sie so' ne'dag breichten.

Triny: Was du mir elo gesot, ass mer neischt Neits, Elise. Reifen d'Kâr-meschen et dach vun den Dög, datt bei denger Hèrrschaft me' Wand ewe' Damp ass. Mä trotz hirer Gèldknapphêt, bringt deng Madame et nach fèr-deg, Caffiskränzcher z'organise'ron, wo' ech um gedèckten Dösch gesin. A watfir gro'ssârteg Dammen erwärt dir de Mötteg dann, Elise?

Elise: d'Madame Sauerammer an d'Madame Fe'terse'leg.

Triny: Hahahaha! Dann hätte mir de Mötteg d'ganz Geme'sszopp zesammen! wir òn do nòmmen òng Maus, fir hir Bâssereien ze belauschren! Sin de' drei dach als gre'sst Bâssen vun der Städt iwerall bekannt.

Elise: -ch schange'ron net gèr vu Plätz zu Plätz. Ass dat hei dach e-re'scht de' zwèt Plätz an déna 6 Joer wo' ech am Dongscht sin. Mä an diesem Haus wo' so' kâl Chreschte wunnen, wo' se u weider neischt we' un den Ho'ffert, den Amusement, gudd lèssen an Drénken dènken, ass menges Bleiwes net weider, wann ech meng drei Me'nt Lo'n an der Täscher hun, si-chen och mir òng aner Plätz.

Triny: Wo dës du wuel, Elise. Sin dach de' brâw Dongschtmédcherer iwerall gesicht a brauch è Médchen kènger Hèrrschaft ze dengen, wo' et als òng manerwèrteg Wuer betrucht get, we' dat lèder an eistem Land a munoch Heiser de Fall ass. Duerfir sin de' Hèrrschaften och eso' geplot, en uerdentlecht Dongschtmédchen ze kre'en. (Sie sangen.)

L i d d N r. 2

1. Strof: (Triny)

Et get, dat ass iwrall bekannt,  
Vill Hèrrschaften an eistem Land.  
De' hâle gèr fir hire Stôt,  
Eng böllech, welech, dichteteg Mod.  
De' we' è Pârd ste'its schaffe geng,  
An op der Brètsch och ömmer stengt.  
Eng ganzen Zeit sie sech bere'n,  
Eso' òng wâkrecht Mod ze kre'n.  
:-Dat mëllet Zeitong a mancher Rei,  
Do kann è liessen dache dat hei:-

Zesummen: (Duo)

Gesicht get fir an d'Stiédchen,  
An òngem ro'ge Stot,  
E fleissegt, dichteteg Médchen,  
Eng wâkrecht, brâw Mod.  
Fir ganz licht Arbechtssâchen,  
Do get kèng Kannerplo!  
Et ass kèng Wäsch ze mâchen,  
Mä deke Lo'n get do.

2. Strof: (Elise)

Mä ként dann d'Médchen an dat Haus,  
Oh jé! gin d'Gruschlen him gleich aus  
Dann hèscht et schaffèn ömmerzo',  
Et huet Somdes so'guer kèng Ro'.  
De Lo'n ass klèng, moer de Kascht,  
De Schlof ass kurz we' och seng Rascht  
d'Madame ass granzeg we' òng Spann,  
An d'Könnercher we' och de Mann,  
An d'Könnercher we' och de Mann,  
-De'äreiven d'Médchen an de Schwèss,  
-Datt et den Hänn kè Rot me' wèss:-

Zesummen: (Duo)

Sie hu gesicht am Stiédchen,  
Fir an e ro'ge Stot,  
E fleissegt, dichteteg Médchen,  
Eng wâkrecht, brâw Mod.  
Fir schwe'er Arbechtssâchen,  
A gro'sseg Kannerplo.  
An 't ass vill Wäsch ze mâchen,  
Mä klènge Lo'n get do!

Triny: De Caffiskränzchen vun der Geme'sszopp ként mir net aus dem Kapp, an ech we'sst net wat ech drem ge'w. wann och se ként belauschren.

Elise: Hues du dann och scho bedacht, datt et kèng E'er ass, de Lausch-tertinnès ze spillen, Triny?

Triny: Am Gewe'nlechen gin ech neischt op de Bâssen hir Klâtschereien well Bâsserièden an Hièrschteniwel, verze'en sech wann d'Sonn ként. Mä d'Geme'sszopp huet schon eso' vill Onhêl durch hir Bâssereien an der

Stâdt ugericht, datt se scho läng òng Strof verdengt hun. De Mötteg de't sech d'Geléenhêt präsant'ènen, hinnen d'Wo'erecht ze blosen, wann ech e Lauschter-Cabinèttchen an hirer Noperschâft hätt.

Elise: Wat ges du mir, wann ech dir dat Cabinèttche verschâfen?

Triny: Also de' Sâch wir o.ké, Elise an ech léen dir och èmol en deke Stèn an de Wé. Du hues jo secher dein Zigeinerkostüm nach, vum Théâtre Spillen dé lèschte Wanter?

Elise: Dén hânt op menger Kummer am Schâf an du kanns e kre'en. Mâ ech we'sst dach gèr, wat mein Zigeinerkostüm derzo' kènt beidroen, der Geme'sszopp d'Wo'erecht ze blosen.

Triny: Da ges du scho gewuer. Also fâers du mech a mei Cabinèttchen, wo' ech alles gesin an he'ren, wat hei vir gât. Du lèfs mir de Costüm hurteg sichen an eisen Théâtre ka lass goen.

Elise: (Huet zur Fönster ausgekuckt an helt d'Triny mam Arm.) 'T get he'ch Zeit dass du d'Blât botz; wèll dobausse gesin ech de' zwo' Damme kommen. (Allen zwè no riéchs of.)

5. Optritt. Mèrri a Liss.

Mèrri a Liss sin zwo' Frâen vu 45 Joer, de' e gudd Mondstek hun an net ble'd sin. Sie wössen all Mönsh seint o'ni un hir ège Fôler ze dènken. Sie droen âlmo'desch Sonndesgezei mat dito Hutt an òngem Familjepräpli Liss: (Botzt de Schwëss of.) Geseis de, Mèrri! Mir hâtten net breichen so' ze lâfen fir an de Schwëss ze kommen. 'T ass kè Mönsh heibannen.

Mèrri: A wo' soll d'Kätt a seng topech Mod nômmen dru sin, datt kènt vun hinne sech weisst. (Sie sätzen sech no bei den Dösch.)

Liss: Du geseis, den Dösch ass scho gedèckt. Klauter fonkelnagelneit Geschirr. A wo' soll d'Kätt dat nêss zesumme getrommt hun? Ge'w ech dach mat òngem fir e Streisselkuch ge'nt en Aerpângech wèttèn, dattnet è Stek vun dem Sèrvice dem Kätt gehe'ert.

Mèrri: d'Kätt hat nach allzeit eso' èppes Brâleches u sech. Dat muss bei him am Bludd leien; wèll seng Mamm war schon eso' an d'Kätt ass de'er ganz nogeschloen. Dé sche'nen Sèrvice huet d'Kätt nômmen hér gesât fir eis d'Aen ze fôllen. Mâ ech hätt le'wer, de' Tèlleren an Tâssen ge'wen nômmen hallef eso' vill blénken an 't ke'm herno me' drop.

Liss: Op òngem sche'nen Tèller össt è sech net sât. Ech fir meng Dél wir le'wer dohém bliewen. Wèll fir a Bratzelstacks ze kommen, dat Schlutgeswässer ze drénken a sech mat òngem rimmege Stek Kuch den Honer an de Bauch z'iéssen an de Mo ze verbèllen, ass nach läng kèng Plese'er. Mâ Eisen hat eso' òng Arbecht a Gedengs, ech misst um Kätt sei Caffiskränzche kommen. Mir wiren de' e'scht Noper vu Bratzelstacks. d'Kätt hätt so' èn dônne, frèche Mond an Eise welt fir kè Gèld a kè Preis, datt et eis soll a sei brède Mond huelen an uechtert d'Duerf schlèfen.

Mèrri: Bei mir ass et grâd eso', mei le'ft Kand. Ech sin och net drop ugewiesen, dem Kätt sein Armutt ewèch iéssen ze kommen. Mâ 't muss èn sech vill gefâle lossen a munches mat an de Kâf huelen, fir a Fridd a Ro' mat sengem Mattmönsh ze liéwen. 'T sin net elèng dem Kätt sei Chigriswässer a sei rimmege Kuch de' mir net gefâlen. Nèn, och sei Gebrâls a sang Sténkerdien de' dat agebilld Döppen ömmer a sengem vergöftenen, frèche Mond fe'ert, gi mir famo'ss op d'Nèrven. Ass en aner dach dat Gebâss net gewint. Mei ge'w mir d'Klâtschereien hurteg verkraulen. Mei gudd Gemitt le'sst et och net zo', èppes Schlèchtes iwert mei Mattmönsh ze'soen, a wann et och mei grösste Feind wir.

Liss: Mir sin de'er Frâen, da' le'wer e be'st Wurt ofschleken, we' òngem Mönsh dermat we' ze doen. Wann de' aner Frâen et och eso' me'gen, hâtte mir vill me' Enegkèt a Fridd an Duerf.

Mèrri: Hâl mir nômmen mat dénen aner Frâen op, soss kre'en ech d'Midderchêr. Hues du d'Knuewaleks Suss nach net mat sengen neien Hutt gesin?

'T war alles datt ech d'Middercher net krût, we' ech et gesin hun, an d'Ho'mass stolze'ren we' e Pohunn.

Liss: Du mechs è famo'ss virwötzeg. A wo' geseit dén Hutt dann aus?

Mèrri: Stèll dir en he'cht Blummendöppen vir am èngem Villchen uewen op der Kopp, a mat ènger länger Fassânefiéder hannendrop, de' sech beiall Schratt an Tratt bis um Suss seng lång spatz Hingerde'fsnues be't, we' wann se him'de Gëppche welt botzen. Vir um Blummendöppen ass èng gring Rido ugemât, de' d'Gesicht bis un de spatze Könn verstoppt. Eso' geseit dén neien Hutt aus, wat soll dé lèschte Mo'd sin, an 999 Frang an en hallwe soll kascht hun, we' d'Suss iwerall te'ne gêt.

Liss: Dat Abbcebild breicht och nach e Vucl ze droen. 'T ass dach net vun eso' deke Leiden hér.

Mèrri: Wa mei Gro'sspapp met der Bonbonnière durch d'Stâdt gefuer wir, d'Hondsdrècker an d'Pèrdskniddlen oprafen, we' dem Suss sein et gemât, go'w'ech mir kèn eso' è Schâch gin.

Liss: Wat eso' Leit sech dach en Toupi gin. Grad we' d'Bratzelstacks Kätt och. Wanns de dat a sengem Pèlzemantel geseis kommen, ass et fir en Hâr op d'Stir ze kro'en.

Mèrri: 'T ass licht Pèlzemantel droen, wann ech kè Mönch bezuelen. Iwerhâpt, wo' bleiwt d'Kätt eso' lång?

Liss: Loss mer alt e Stek Zocker huelen, fir d'Zeit do'tzeschloen. (Holt e Stek Zocker aus dem Döppchen.)

Mèrri: 'T sin zwar nômmen 2 Steker me' dran, mä ech huele mir och ènt.

Liss: d'Kätt zielt den Zocker all Kaler an elo wèrd d'Mod èng Schneitz kro'en, wèll zwè Steker Zocker fêlen.

#### 6. Optratt. De' Vireg, Kätt.

Kätt: (Vu lénks, get hinnen d'Hand.) Bonjour meng le'w Frëndinen! Da sidd dir do. (Sëtzt sech bei se.) d'Frêd mech datt dir kom sidd.

Mèrri: d'Frêd ass ganz op eiser Seit, Madame Bratzelstack. Ass et dach èng gro'ss E'er fir eis, an èrem Haus ze verke'ren, an e puer Tiésecher ères onvergleichlech gudden Bo'necaffi ze drénken an e puer Steker vun èrem se'ssen Kuch z'iéssen dén èngem am Mond schmolzt.

Liss: Niéwend déne Lèckersâchen sin et ganz besonnesch èr intrèssant Gespriécher, de' eis et ugedoen hun. Net wo'er, Mèrri.

Kätt: Merci fir èrt Kompliment, le'w Frëndinen. Ech kann iéch am Vertraue soen, datt dat Deierst mir grad gudd genuch ass, menge bèschte Frëndinen èng Frêd ze mâchen. A wann ech iéch soen, datt dir haut e Caffi bei mir sèrve'ert kriidd, we' dir bis dato nach kè gedronkt, ass dat e'schter net genuch wa' zevill verspracht.

Mèrri: d'Wâsser lèft mir elo schon am Mond zesummen, wann ech drun dênken.

Kätt: Dir musst nach ewe'neg Gedolld hun! Wèll ech ère Gu kènnen, wollt ech iéch èng aparti Frêd mâchen. Duerfir hun ech drop gehâlen, datt de garne'erte Kuch frèsch aus der Pâtisserie heihi kènt. Eso' verhält et sech och mam Bo'necaffi dén de Môtteg èxtra frèsch fir eis gebrannt got a 75 Frang d'Pond kascht.

Mèrri: Nèn oh nèn, Madame Bratzelstack! Wat hat Dir de Muergen e sche'ne Pèlzemantel un. È Mantel, dén iéch wonnerbar gêt.

Kätt: È kascht ower och 16.000 Frang.

Liss: Dat Deiert war nach ömmer dat Büllechst, Madame Bratzelstack.

Mèrri: Wo' sidd Dir un de' sche'n Tulpen an èrem Blummegärtche kom?

Kätt: List d'Maisy huet eis s'aus der Schweiz geschekt a se kaschten 80 Frang d'Stek.

Liss: An ère sche'ne Caffis-Sèrvice! Dé kascht och secher vill Gèld.

Kätt: 'T ass èchte chinésesche Parzelaine an dén ass famo'ss deier. Mei Mann huet mir e fir mein Dag kâft a wann ech iéch de Pr is de't soen, geng dir op de Rok fâlen.

7. Optrett. De' Vireg, Elise.

Elise: Madame, Jäcks Mischi ass dobaussen an huet gesot, ech soll zu Iéch soen, seng Mamm hätt gefrot, op sie kénten ewe'neg Sôm vun eisen Tulpen kre'en, de' den Hër an der Tombola vum Garten an Heim gewôn huet.

Kätt: So zu Mischi, ech hätt gesot, hié soll zu senger Mamm soen, sie wir èng domm Trotz! Wa sie gër Tulpen hätten, solle sie sech der käfen.

Elise: De Mischi huet gesot, dir ként hinnen frei e puer Tulpe gin; wèll sie hätten Iéch hire Caffis-Sèrvice jo och fir haut gele'nt. Dir sollt gudd uecht drop doen, datt kè Stek gebracht ge'w, soss misst Dir et bezuelen. Eso' huet de Mischi gesot, Madame.

Kätt: (Huet dem Elise Zêche gin, datt et soll ro'eg sin.) Ech fannen, dass du all Dag me' domm ges, fir eso' Ligen z'erziélen.

Liss a Mèrri: (Sie lâchen hèmlech a gin sech d'Zêchen.)

Elise: Ech hun Iéch dach nômmen gesot, wat de Mischi mech ugestallt huet.

Kätt: (-ifreg) Trotz net eso' vill a breng eis de Caffi mam Kuch eran!

Elise: Ech kann dach neischt erabringen; wèll Streisselkuch's hun nach -

Kätt: (Be's) Wanns du net op der Minut mechs wat ech dech ugestallt hun, kanns du dirèkt dei Pâk mâchen an denger Wé goen!

Elise: (Durch d'Mötteldir of.)

Kätt: De' Mod dreiwt mech nach liéwech an d'Grâwt. Dir glêwt net, wat ech scho Roserei an Bifer ofgeschlekt hun, mat dém flappechen, onman'erlechen Bauereknuet. Ass et dach me' domm wo' eiser Hèrgott mächtig a le'e kann et we' gedreht. Ech, d'Madame Bratzelstack soll op Jäcks hire Caffis-Sèrvice ugewiese sin. Mä de' Ligen erziélt eis Mod nômmen, fir mech be's ze mân. Mei Mann wollt him de Lâfpass scho lîng gin. Mä ech hun nach ômmen Hand iwert hat gehâlen. Haut hun ech de Mèrci kridd datt ech him scho 6 Me'nt Lo'n am Virus bezuelt hun. Mä elo ass et mir es genuch! Mâr muss et aus dem Haus!

8. Optrett. De' Vireg, Elise an Triny als Affekotin.

Triny: (Dre't e wisse Rénmantel, e Sonnebrél an èng Mapp önnrom Arm.)

Elise: Madame, hei ass èng Joffer, de' èppes mat Iéch ze schwëtzen hätt.

Kätt: (Be's) Ech hun dir dach gesot, datt ech haut fir kèn ze schwëtze wir.

Elise: Ech hun zu der Joffer gesot, Dir wird net hei, mä Sie wollt mir net glêwen an sech iwerzêgen op Dir net hei wird. (Durch d'Mött of.)

Triny: Mir kënnen dat, datt vill Dammen net dohém sin, wann de Mann vum Gâss, vum Wâsser a vum Elèktresche ként. Watfir èng vun dénen Dammen ass d'Madame Bratzelstack?

Kätt: (Stët op.) Fir Iéch opzewarden, Joffer. Ech sin et.

Triny: (Wat ènger Verneigong.) Echante'ert, Iéch kënnen ze le'ren, Madame Ech sin d'Joffer Nicole Raffinó, Affekotin aus der Stâdt Letzeburg.

Kätt: (Wat ènger Verneigong) Echante'ert, Joffer! Wat wir ère Begiér?

Triny: Verschidde Geschäfts= an Handwiérksleit aus èrer Stâdt, hu mech scharge'ert, mat Iéch we'gend èrer Schold ze confere'ren, de' Dir nach bei hinnen hut.

Kätt: Wat erlâbt Dir Iéch Joffer? Ech, d'Madame Bratzelstack soll èngem Mönch èppes schöllech sin! Mât nômmen, datt ech net brauch Gebrauch vu mengem Hausrècht ze mâchen an Iéch muss weisen, wo' den Zammermann d'Lach gelosst huet.

Liss: 'T ass ewe'neg stârken Tubak dat do. Dat muss è soen.

Mèrri: (Zum Kätt) Ech ge'w mir këng eso' Frèchhête gefâle lossen an èrer Plâtz, Madame Bratzelstack.

Triny: (Zum Mèrri) An ech an èrer Plâtz, Madame, de't mech net em Sâche bakömmren, de' mech neischt ugin. (Zum Kätt) Ech kann Iéch mat Détailler dengen, Madame. (Liest vun èngem Ziédel.) Dem Epiceriageschäft „Sauren Hirk" sidd Dir 2.575 Frang vu bezun Wuere schöllech. Èrer No'desch, der Madame „Fangerhutt" sidd Dir e Wantermantel an èrer Modistin, der Jof-



fër „Peckvillchen“ sidd Dir nach e Winter= an e Summerhutt schöllech. Wann Dir bis zum zwêten d'les anre Mo'nt òr Schold net bezuelt hut, gesin de' Leit sech gezwungen Iéch op d'Gericht ze huelen. Elo wösst Dir we' d'Situatio'n stê a könnt Iéch derno richten. Arvoir dir Dammen an neischt fir ongudd! Mat ènger Verneigong no lénks of.)

Kätt: (Le'sst sech op e Stull fâlen.) Loft! Loft! Ech ersteken!

Liss: (Scheinhëlleg) Wat do ass allerhand! Dat muss è soen.

Mërri: Ech mängen eso'! (Get dem Liss hèmlech Zêchen.)

Kätt: Dat ass den Dank derfir, datt ech scho Jôrelâng èng trei Konn vun déne Geschäftsleit sin.

Liss: Wat Iéch neischt draus, Madame Bratzelstaek! Ondank ass der Wêlt Lo'n! d'Wêlt ass haut èmol ze schlöcht. Duerfir muss se zu Grond goen.

Mërri: d'Wêlt ass gudd, wann d'Leit bësser wiren.

Kätt: Dat sot Dir gudd, meng le'w Fröndinen! (Sengt)

L i d d N r. 3

1. Strof: (Kätt)

We' sin dach d'Leit so'schlöcht,  
So' frèch an ongerècht!  
Dat kann èn dacks gesin,  
Wuer gêt dat nömnen hin?  
Mat de'er Schlèchtegkêt,  
Mat dèr Verlugenhêt.  
Eis Wêlt de' gêt zu Grond,  
Dat ass èmol ze bont.

2. Strof: (Kätt)

Wo' èn och gêt a stêt,  
Ass Nidderträchtegkêt.  
Ass Falschhêt a Bedruch,  
d'Leit sin all voller Luch.  
'T ass kèn dé schrèckt me' zrek,  
Sie le'e we' gedrekt.  
Èng Vo'recht ka kò sôn,  
Et kann net me' so' gôn!

Zesummen:

Sie huele mat Plese'er,  
Den aner Leiden d'E'er.  
Mat hire Bässereien,  
Mat hire Klâtschereien.  
-: Oh Hèrrgott fuer mat Donner,  
Jo an dé ganze Plonner! -:

9. Optrett. De' Viereg, Elise.

Elise: (Mat èngem Caffiskro' durch d'Mött. Schet de Caffi eraus.) Wann ech gelifft, dir Dammen! Gadden Apetit! (Sêrve'ert d'Zockerdöppchen.)

Sêrve'ert Iéch, dir fir d'e'scht, Madame Saueramper. ('T geschidd)

Mërri: (Get dem Liss d'Döppchen.) Sêrve'er dech, Liss! (Lâcht hèmlech.)

Liss: (Mat èngem göftge Flek) Ech drénke mei Caffi le'wer o'ni Zocker.

(Get dem Kätt d'Döppchen.) Sêrve'ert Iéch, Madame Bratzelstaek!

Kätt: Wat hêscht dat Elise? Du hues vergiësst d'Döppchen ze fôllen! We'!

Elise: Ech hat 3 Steker Zocker an d'Döppche gemat, we' Dir gesot hut.

Kätt: Maul net so' frèch zrek a ge' d'Döppchen ènzock fôllen.

Elise: 'T ass kèn Zocker me' do, Madame.

Kätt: Wo' bleiwt eise garne'erte Kuch dann eso' lâng?

Elise: De Jong hat de Kuch elo e'nescht bruecht. Mâ wèll d'Madame jo kè Geld huet, de Kuch gleich ze bezuelen, huet hién en nèss mat geholl, we' sei Mêschter hién ugestallt huet.

Kätt: (Fir sech) Eso' èng Blamâsch! Dat do ass mein Do't! (Wêpst e puermol)

Liss: (Direkt dem Mërri en A zo' a lâcht hèmlech.) Da loss mer dé gudd Caffi vu 75 Frang d'Pond emol schmâchen. (Die huelen èng gudd Schlupp, schneide Gesichter a speitzen de Caffi eraus.)

Elise: Soll ech dénen Dammen nach èng Tiésschen erausscheden?

Mërri: Nèn, nèn! Mir hu me' we' genuch mat ènger Tâss voll.

Liss: (Zum Mërri) Wat hat ech dir gesot? Dat rêngste Schlutcheswâsser.

10. Optrett. De' Viereg. Triny als Zigeinerin.

Triny: (Vu lénks. Mecht e puer Verneigongen) Bonjour, Bonjour dir Dammen!

Erläbt ènger e'erlecher Zigeinerin, iéich d' Vergângenhêt an d' Zo'konft aus èren Hänn ze liésen!

Kätt:(Granzeg) Raamt an mat èrem Hockuspockus a gidd èrer Wé!

Liss: Ech wir nawèll virwötzeg, op ech d' Gro'sst Lo'ss net ka gewonnen.

Mèrri: Ech och.

Triny:(Helt d'Liss mat der Hand a kuckt dran.) Ech kann Iéich so'guer èrt Gespriéich aus der Hand liésen, dat Dir virun lo Minuten mat èrer Fröndin heibanne gefo'ert hut. Hei sin èr Wirder: Ech sin net gèr a Bratzelstacks kom, fir dem Kätt sei Schlutgeswässer ze drénken an de Mo mat èngem Stek rimmege Kuch ze verbèllen. Mè wèll ech net gèr am Kätt sei brède, frèche Mond geholl sin an durch d'Duerf geschlèft wir, sin ech heihi kom. Och ka sei Pèlzemantel dén nach net bezuelt ass, mir net -

Liss:(Zidd d'Hand erschreckt zrek.)Wo' ass eso' èppes nömme me'gelech?

Triny:(Helt dem Mèrri seng Hand.) An hei sin èr Wirder: d'Kätt huet eso' èppes Bráleches u sech. 'T ass en agebild Döppen, dat nömmen drop aus ass, de' aner Leit ze beklâtschen an erof ze mâchen. 'T soll sech nömme neischt abillen! Ech sin net drop ugewiesen, sein Armutt ewèch -

Mèrri:(Zidd d'Hand erschreckt zrek.)Kèn Zweifel! d'Zigeinerin wèss alles!

Kätt:(Stèt op, eifreg) An ech wèss, wo' ech mat iéich zwo' Bâssen dru sin. Do ass d'Dir! A mat nömme, datt kènt sech me' heibanne weisst!

Liss: (Helt d'Mèrri an den Arm.) Komm Mèrri! Du gês mat mir hêm èng Tâss gudde Bo'necaffi drénken an e puer Steker Quètschefluet iéssen! Wann ech dir och kè garne'erte Kuch a Caffi vu 75 Frang d'Pond kann duer-sètzten, brauchts du bei mir ower kè Chiggriswässer ze drénken. Hahaha!

Mèrri: Du hues rècht. Loss mer goen! Op èmol kènt den Dirwiéchter an zè-se'ert eis d' Klèder um Leif. Hahahaha! (Iwrem Lâchen no lénks of.)

Kätt: Loft! Loft! Ech ersteken! Mein ârme Kapp! Ech muss mech ènzock an d' Bètt léen, soss kre'en ech e Schlâch op de' Frèchhêt. (No riéchs of.)

Elise: Hu mir et net ze bont mat menger Madame gedriewen, Triny?

Triny: Wann deng Madame sech de' Le'er vun haut net zu Hèrzen helt, ass hir guer net ze höllefen. So' wo' deng Madame, hu mir nach verschidden Madâmercher am Land, de' net wössen wat d' Liéwen ass. d'Gèld kènt ze licht bei hinnen an, duerfir wössen sie et net ze schâtzten. An hirem Onverstand, betruachten sie hir Dongschtmédorcher als manerwèrtég Mön-schen a wonnren sech, wa sie kèng Mod kre'en a behâlen. (Sie sangen.)

S c h l u s s l i d d

1. Strof:

Vill Hèrschaften de' klôn,  
Sie missten sech vill plôn,  
Ze kre'e fir de Stot,  
Èng wâkreg, trei, brâw, trei, brâw Mod.  
A wann èng Mod sie hun,  
Da geng d'Plorei 're'scht un.  
De' hätt gèr deke Lo'n,  
De't schaffen net de' Bo'n.  
Am Iéisse gudd beflass,  
Soss wir neischt mat hir lass.  
Sât èn e Wurt ze vill,  
Da wir se gleich um Dill, um Dill.  
Ze soen op èn Zock,  
Gleich ge'w dann ugeblockt.  
Et wir èn haut geplot, geplot,  
Mat ènger Mod am Stot.

2. Strof:

Mir gin all déne Ste't,  
Ganz gèr èng gudd Reme't,  
Datt alleguer de' Frân,  
Et wösse wo' s'et solle mân,  
Fir o'ni Suerg a Me'n,  
Èng gudd trei Mod ze kre'n.  
Wann dir èng Mod 'mol hut,  
Da sidd och zu hir gudd!  
Betruecht sie och als Mön-sch,  
A güt 'mol èppes wönsch,  
An èrem Haus, am Stot,  
Vernènnt net gleich èr Mod, èr Mod  
A sidd och net behänn,  
Ze weisen gleich èr Zänn.  
Wann dir dat mat am Stot, am Stot  
Behâlt dir èr gudd Mod.

Théaterverlag Mètty Dahm Stêsel

---

Bd. Nr. 34

E g e s t e ' e r t e n C a f f i s k r ä n z c h e n

Kome'de'stek an 1 Akt vum Mètty Dahm. Musek vum Pôl Albrecht.

A l l R è c h t e r v i r b e h à l e n

D'stek darf nòmmen mat schröftlecher Erlâbnes vum Verlag opgefo'ert gin. d'Rollenofschreiwen ass gesêtzlech verbueden. All Ufroen sin ze richten un de Verlag Mètty Dahm Stêsel. Post Walfer. Telefon Nr. 12 Stêsel.

S t ê s e l

Drock a Verlag vum Mètty Dahm - Jungen

1 9 4 8